Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17/10/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung weiderzeleeden.

An der parlamentarescher Fro n°617 hate mir den Educatiounsminister iwwert den Asaz vun Tablets an de Schoule befrot. Hei krute mir exhaustiv erkläert, firwat d'Regierung op d'iPads vun der Mark Apple setzt a wéi den Educatiounsminister gedenkt d'Formatioun mat dësen Tabletten ze gestalten.

A senger Äntwert schreift den Educatiounsminister

> Kritescht Denken an e responsabelen Ëmgang mat Technologië sinn net un e spezifescht Gerät oder eng Software gebonnen. Dëst ass vill méi en edukative Prozess, deen all Dag an deene Klasse stattfënnt, wou esou Technologien agesat ginn.

Eis ass vu verschiddene Schüler a Proffen zougedroe ginn, dass aktuell verschidde Klassen d'iPads guer net fir hiren Ënnerriicht benotzen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Huet d'Regierung am Kader vum Ënnerriicht mat Tablets dem Léierpersonal Formatioune fir d'Gestalte vum Ënnerriicht ugebueden? Falls jo, wéien Ëmfang haten dës Formatiounen a wéi eng Kompetenze krut d'Léierpersonal vermëttelt?

2. Gëtt ee Suivi vun der Benotzung vun den Tablets am Ënnerriicht gemaach? Falls jo, wéi eng Problemer sinn am Ëmgang mat den Tabletten identifizéiert ginn a wat sinn d'Léisungsvirschléi?

3. Fir wéi ee Präis bezéien d'Schoulen d'Tabletten? Ginn dës zentral iwwert de Ministère kaf oder mécht all Schoul seng eege Bestellungen? Wéi vill Sue goufen insgesamt 2018 an 2019 fir Tabletten ausginn?

4. Aus den Äntwerten op eis Froen n°928 a 965 iwwert d'Ofhéierfunktioune vu Sproochassistenten (wéi Siri), huet d'Regierung eis informéiert, dass d'Justiz Accès op Sprochassistenten huele kann, dëst awer bis ewell net gemaach huet an d'Fäll strikt iwwert d'Gesetz gereegelt sinn. An der Fro n°299 hunn ech allerdéngs och op d'Zero-Day-Schwaachstellen opmierksam gemaach, déi potenziellen Hacker d'Dier fir d'Oflauschteren opmaachen. Consideréierend, dass d'iPads u Mineure verdeelt ginn, wéi eng zousätzlech Mesure gi vum Educatiounsministère ënnerholl, fir den Dateschutz vu meeschtens mannerjärege Schüler ze garantéieren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange